

Wonnerbar...mä...

Wien hätt sech vru 40 Joer gedreemt, datt d'Lëtzebuenger hir Sprooch zu Honnerten an esouguer Dausende genge schreien? Domat sinn **net d'Fiederfoxerte vun allen Zorten**, déi sougenannt 'Schrëftsteller' gemengt:

Dichter, Prosa- Theater- a Roman-Schreiwerten à la Dicks, Rodange, Lentz, Keup, Schroeder, Reuland, Kremer, Weber, Braun, Pütz, Theis-Kauth, Angel, Manderscheid, Hoscheidt, Rewenig, Schaack, Muno, Ehlinger, vläicht och äre Schreiwert an eng Hellewull anerer, déi d'Lëtzebuergesch op hire Pläng an eng literaresch Situatioun 'gelicht' hunn, aus deer eraus een, wéi déi weltbekannt (an unerkannt!) franséisch Universitäts-Professesch Henriette Walter, ka behaupten, eis Sprooch wier en 'dialecte qui a réussi' (*Henriette Walter, L'aventure des langues en Occident!*)



vum Lex Roth

Dat pucht all eidel Humpegespräicher an eng Schaumbidden, wou nëmme verläschten Argumentercher an aremséileg Iwwerhiefflechkeet dra puddelen.

Ower. Bei allem Respekt fir eis Bicher- a Wierker-Schreiwerten, kënn een dach **éierlecherweis net laanscht en etlech Froen**: Wéivill 'Leit' kafen e Buch op Lëtzebuergesch? Et sinn der zwar vill, wann een sech esou ëm d'Verkaafszuelen doruechter ëmfreet... mä ginn se och gelies? Wuer klasséiere mir an dësem Sënn déi sougenannt **'Para-Literatur'**, déi Dosende 'Superjhempen', BD-Iwwersetzunge wéi Tintin an Asterix, Prosa- a Gedicht-Iwwersetzungen? Et ass dach e Genoss, wann ee gesäit, datt déi Saache 'ginn' wéi kruppseg-waarm Bréidercher. Iwwer dee Phenomän rappen sech eis Bachelor-Master an Dokteren am Lëtzebuergesch op der UniLU over kee Been aus, nach net emol en Hor. Si kristillegen sech léiwer domat, wéi een dem Brudder Hermann seng 'Yolande von Vianden' als den Ufank vun eiser Literatur aus engem Geléiertenhutt kann erauskëdelen. Dajee alt. **En aktuell Wierk iwwer eis Literatur an de leschte 50 Joer**, eng 'Anthologie', eng Fortsetzung vum Fernand Hoffmann sengem Zweekbänner (1967!)... dat wier et... mä dat ass eng aner Gei, gellid.

Firwat dann elo **déi Iwwerschrëft hei uewen**? Mä well zënter ronn 10 Joer eppes sech gemaach huet, dat mir der Elektronik ze verdanken hunn: **den SMS, den E-mail, den Twitter, déi praktesch Fassong, fir e Lieserbréif oder e Commentaire an eng 'Internet-Zeitung' ze schreien**. Dat ass wierklech eng 'Dimensioun' vum geschriwwene Lëtzebuergesch, déi een sech ni erwaart hätt. Wat do iwwer 'Tickeren', butzeg a pratesch grouss Schiermer an eiser Sprooch an d'Welt geet... enorm! Do gesäit ee ganz séier, datt onheemlech vill Leit eng propper a flott 'Schreif' hunn, over...

Leider, leider, leider fënnt een do och Saachen, datt engem d'Grujelen de Réck erof lafen. **Vill schreien der einfach esou haseleg a schrecklech onbetount wéi si schwätzen... egal wéi, einfach 'drop lass'**; d'Halschent vun de Wierder gëtt 'verschléckt', anerer verknijelt a vernannt, datt een se net méi erëmerkennt. An 90% vun de Fäll kënn dat dohier, datt kee 'Mammegissefierkel' sech déi puer Minutten Zäit hält, fir ze **iwwerliesen, iert op de Knäppche gedréckt gëtt**, fir fortzeschécken. Nëmme séier, séier, séier; nëmme **stresseg an driwwer an drëner**. Et verlaangt kee verstännege Mënsch, datt dat dann och nach misst 5-stäreng an der Schreifweis sinn... Mä denkt emol drun, datt et fir jiddere problematesch gëtt, wann all Schreiwert seng eegen Orthographie wëllt huelen... an da mussen déi 'aner' bustawéieren! Firwat?

Probéiert dach emol, äre kuerzen oder och méi laangen Text op Lëtzebuergesch schéi roueg a lues ze iwwerliesen, iert dir e 'lafa' loosst. Da gesitt dir besser aus... an eis Sprooch gaazaanz sécher ☺ Merci fir d'Matmaachen!

D'Actioun-Lëtzebuergesch huet ewell eng INTERNET-SÄIT.
Déi baue mir konsequent op. Domat fanne mir iech... an dir fannt äs.
Firwat net elo an der Vakanz emol 'drop goen'?

Hei ass eis ADRESS:
www.actioun-letzebuergesch.lu

Ceterum censeo...(42)

An e puer Deeg geet eis Chamber dann och an d'Vakanz; Zäit fir eis Deputéierten, sech vläicht alt emol **d'Fro vun eiser Sprooch an der Constitutioun roueg duerch de Kapp goen ze loossen**. Net wichteg? Mä da misst et jo super-einfach sinn! Do geet et jo net ëm Geld, Gehälter, Pensiounen, Index-Fro a Steieren oder soss kniwweleg politesch-technesch Froen, mä ganz einfach ëm **e Prinzip, deen dach zënter 26 Joer, vum generelle Sproochgesetz un, op e sëlliche gesetzlech Manéiere festgemaach ass**. Op deer schéiner 'Pièce-montée' misst als Kréierung nach just d'Lëtzebuergesch als d'Sprooch vun eise Land d'Kroun maachen... well ee sech jo soss ka froen, wat deen 'Trape-Bond' vu 4 gestëmmt a publizéierte Gesetzer rondrëm eis Sprooch da soll!?

Et brauche **keng iwwerflësseg oder esouguer bëlleg parteipolitesch Wullereien** ëm dee Sprooch-Prinzip ze entstoen... mä et fannen sech dach ganz bestëmmt genuch Deputéierten aus alle Reien, déi schrëftlech zesumme verlaangen, datt d'Fro vum Lëtzebuergesch an eise Grundgesetz eeendlech geléist gëtt!

Eis 'Ënnerdialekter'

An Däitschland, Frankräich, England (UK), Italien, och Spuenien a Portugal fanne mir **ausser deer Sprooch, déi mir an hirer klassescher Literatur oder an der 'iwweregionaler Press' begéinen, klorerweis sougenannt 'Ënnersproochen'**. Dat Däitscht oder Franséisch, dat mir an Uertschaften oder Géigenden (lokal / regional) héieren, ënnerscheet sech dacks esou wäit vun der **'Iwwersprooch' aus der Press** oder deer allgemenger Schreiwerei, datt een et bal net erëmerkennt, knapps oder guer net versteet.

Natierlech kann een dat och esou am Lëtzebuergesch gesinn. Wann e 'Wormer' e 'Veiner' e 'Weelzer' an en 'Ëlwenner' sech an hire Lokalmondarte 'mateneen hunn', da fënnt sproochlech e Giss seng Fierkelcher net méi erëm... zwar guer net onsympathesch an nawell ganz gär lëschteg... mä **fir d'Allgemeng-Lëtzebuergesch mëttelprächtig Katastroph**. Seet een dat dann elo wéi hei, da kritt een eng hängeg Schnuff dohinner gehaang, eng Schëpp gemaach, eng geschnidde wéi siwen Deeg Reen (fir emol typesch 'Eises' ze gebrauchen).

Zevill Leit wëllen einfach net wouer hunn, datt **eng kleng Sprooch wéi d'Lëtzebuergesch nëmme ka mat enger 'Moyenne', enger Zort 'Mëttelsprooch' op de Been bliewen**. Wien se verbruet lokal/ regional opspléckt oder vergrimmet, deen hält se vun de Been. Dat huet net mat Gefill, mä mat Iwwerlees ze dinn. Och hei ass 'zevill an net genuch' keng Mooss. Ee Gléck, datt 95% vun eise Schreiwerten a Schreiweschen dat geklickert hunn!

e bässe Spunnes...

...da probéiert emol, dat hei an e proppert Däitsch ze setzen, well dat versteet op d'mannst a 14 'Bundesländer' kee Mënsch. Schneit iech et eraus; stiecht et an d'Täsch fir mat an d'Vakanz oder op d'Schëff ☺☺☺

Elo geet et duer mat deem Soueren. Du hues dach nëmme Topegkeeten an der Kopp, dofir gëtt dat säilliewen näischt mat deem wat s du wëlles hues. Hal op mat deem Gegrangels a Geflemms. Wann s du däi verwurlelte Kabes net zerguttst an d'Rei méchs, da brauchst du och net rosen ze ginn, datt et Jänni a Männi egal ass, ob deng Kueberei dir duerschléit oder net.

*

De Jang war eng Grimmel mat sengem butzege Männi trëppelen. Deem ass dat net gang, an hien huet an engem Stéck geroost a gerappt fir lasszekommen. Well hien sech net ginn huet, krut hien eng vum Papp op d'Sabbel, an hien huet gejaut a Kreesch gedi wéi e Giss, dat déi lescht iwwer d'Kopp kritt huet. Wéi et dem Pappi duergang ass, huet hien dem Krappert eng gefacht, datt deen de riichte Wee dohinner getrollt ass a sech eng fatzeg ginn hat.

*

De Mil hat d'Kättche richtig gär, an hien huet A wéi e spillege Kueder gemaach. Hatt huet hien och nawell keen Iwwele fonnt. Si hunn sech ëmmer méi verknallt gekuckt... bis si sech allen zwee verkuckt haten. Hien huet hatt gestréilt, an d'Modi huet hie geheemelt, datt d'Dronkenellen him ausgang sinn. Et war sech net ze verwonneren, datt doraus geschwënn eppes ginn ass.

bosseg a gelungen

Huet dir iech ewell Gedanken driwwer gemaach, **op wéivill Fassongen een sech op typesch Lëtzebuergesch iwwer seng 'léif Matbierger'ënnerhale** kann. Do brauch ee wierklech net an aner Sprooch glannen ze goen, well bei äis ewéi do guff jo och nach ëmmer besch... beklaakt, noneen- a bei déi aner gemaach, gellid.

Dir kënn zu Düsseldorf roueg zu engem soen, hie wier 'e Gelungenen', dat mécht deem guer näischt aus, well hie mengt vläicht just de Contraire vun deem, wat dir wollt lassginn ☺ Mat engem 'Bos-segen', do weess hie glat näischt unzefänken. Datt hien 'ee fir sech' wier musst dir him schonn als 'Eigenbrötler' auserneendinn... a 'wënsch' dat hält hie vläicht fir e léiwe Wonsch, 'dolaanscht' an 'donieft' seet him och näischt.

Vläicht schéngt dat iech net watderdäiwel wichteg, over et dréint sech och op dësem, ganz 'mëschleche' Gebitt ëm Eegenarten/ Partikularitéite vun eiser Sprooch... an deer 'Sproochfelder' hu mir kéipweis...just eis UniLU weess näischt dovun ☺

Eng intressant Anekdot, déi (vum Här Pierre Werner aus) authentesch ass: Am Ufank vun den europäeschen Institutiounen hunn sech d'Fransosen, déi Däitsch, d'Italiéiner, d'Belsch, d'Hollänner dacks begéint; fir Lëtzebuerg a Frankräich waren et deemools natierlech déi Häre Joseph Bech a Robert Schuman. Wann déi zwéin 'Europa-Pätteren' sech eppes Extraës an d'Ouer ze soen haten, da waren déi aner net apaarti glécklech... si hunn dat op Lëtzebuergesch gemaach!

de Roger Manderscheid

huet äis vrun e puer Wochen no laanger Krankheet verlooss. Mat him ass ee vun eise beschte Schreiwerte fort gang. Eng Anthologie iwwer lëtzebuergesch Schrëftsteller wäert ni dolaanscht kommen, dem Rosch eng vun de viischte Plazen ze ginn. Hien huet sech am Däitsche wéi am Lëtzebuergesch en Numm gemaach, deen op all Eiereplacke vu lëtzebuergesch Intellektuelle gehéiert a wäit iwwer eis Grenzen eraus gëllt. Hien huet als ee vun den Alleréischten och gewisen, datt de klassische Roman an eiser Sprooch eng absolutt Berechtigung huet. Dat Schéinst dobäi: Hien ass domat net eleng bliwwen!

Mir soen senger Famill, senge Frënn an dem 'ultimomondo-Verlag' eisen déiwe Respekt an eist Matleed fir dem exemplaresche Schrëftsteller Roger Manderscheid säin 'Äddi'!